**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, op d'parlamentaresch Fro n°4004 vum 1. Abrëll 2021 vun den éirewäerten Députéierten den Häre Fernand Kartheiser a Fred Keup iwwert d'Aktivitéitszon "Gadderscheier"**

Am Virfeld vun den Äntwerten op d'Froen ass ze soen, dass déi national Aktivitéitszon "Gadderscheier" sech iwwerschneit mat deem wat an der parlamentarescher Fro n° 1784 vum 20. Januar 2020 vum honorabelen Deputéierten David Wagner als Site Crassier Déifferdeng beschriwwen gouf. An der Äntwert op dës Fro fënnt een e Plang dee weist wou sech déi vum honorabelen Deputéierten als „7 Deponien" beschriwwe Flächen befannen. Dëst sinn awer net alles „Deponien" am juristesche Sënn. Bei verschidde Flächen handelt et sech ëm al Oflagerungen, ëm technesch verfëllte Flächen (Remblai) an ëm eng Lagerplaz vun Schmelzréckstänn.

Fir gewéinlech ginn d'Fläche vun der Bauschuttdécharge Pafewee a vum Remblai "Gadderscheier" oft als "Industriezon Gadderscheier" bezeechent. Ënnert dem Remblai "Gadderscheier", an enger Déift vu méi wéi 15 Meter leie méiglecherweis Schmelzréckstänn vun deene Offallkéip, déi virun der Realiséierung vum Remblai net komplett wechgeholl goufen, esou wéi dat op ganz ville Plazen am Minett de Fall ass. D'Aktivitéitszon "Gadderscheier" befënnt sech zum gréissten Deel op Suessemer Terrain. Déi Fläch gëtt net als „Dreckstipp" vun der ArcelorMittal genotzt.

Laut dem *"Règlement grand-ducal du 10 février 2021 rendant obligatoire le plan directeur sectoriel « zones d'activités économiques »"* ass déi "zone d'activité économique nationale Gadderscheier" aktuell 59,4 ha grouss an eng Extensioun ëm 16 ha ass geplangt (de Plang fënnt een ënnert http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-rgd-2021-02-10-a142-jo-fr-pdf-annexe-30.pdf), insgesamt wären dat da 75,4 ha a net 280 ha ewéi an der parlamentarescher Fro uginn.

Et ass net korrekt, dass op der "Gadderscheier" ee Betrib Äschen a Schlake vun der SIDOR géif vermëschen Dës Aktivitéit ass zanter 2011 gestoppt. Haut schafft do ee Betrib, dee Wäiss- a Schwaarzschlaken aus dem Elektrouewen um Site vum Crassier Déifferdeng behandelt a weiderverwäert.

D'Ëmweltverwaltung war zanter Juli 2018 am Ganzen mat 72 administrative Plainten zu Betriber op "Gadderscheier" befaasst: hei goung et gréisstendeels ëm Belaaschtungen am Beräich Loftverschmotzung (20), Kaméidi (25) a Geroch (27). Déi meescht vun deene Plainten konnten engem Betrib deen Holz verschafft zougeuerdent ginn.

D'Äntwerten op d'Froe bezéien sech wann net anescht vermierkt op d'"zone d'activités économiques nationale Gadderscheier" (Aktivitéitszon "Gadderscheier").

***1. Gouf jeemools e Kaméidimonitoring op deem Site gemaach? Wa jo, wéini a mat wat fir Resultater? Wann nee, firwat net?***

Am Kader vun der Commodo-Geneemegung vun der Aktivitéitszon "Gadderscheier" goufe Kaméidiskontingente fir déi eenzel Parzellen an där Zone festgeluecht, dëst op Basis vun enger Kaméidisetüde, déi vum zoumuttbaren Kaméidi ausgoend d'Imissiounspotenzial fir all Parzell vun der Zone ermëttelt huet. Déi an der Genehmegung virgeschriwwen Immissiounskontingenten gëllen onofhängeg dovunner op e Betrib deen sech do implantéiert eng Commodo-Genehmegung brauch oder net. Am Kader vun enger Commodo-Demande gëtt iwwerpréift, ob den zukënftegen Betrib déi

anhält. Fir Betriber déi sech net an där Emprise befannen an eng Commodo-Genehmegung brauchen, gëtt de Volet Kaméidi am Kader vun där Genehmegungsprozedur iwwerpréift, dëst dacks mat Hëllef vun Kaméidisetüden.

Falls festgestallt gëtt, datt sech e Betrib net un déi virgeschriwwe Wäerter hält, ënnerhëllt déi zoustänneg Autoritéit déi néideg Schrëtt, fir dass sech de Betrib konforméiert. Ee Monitoring, dee jo de Gesamtimpakt vum Kaméidi vu Betriber, awer och dem aneren Ëmfeld (z.B. Verkéier) op d'Ëmfeld géing moossen, géing hei keng weider Erkenntnisser bréngen.

***2. Ginn et Donnéeën iwwert d'Ausmooss vun der Loftverschmotzung um Niveau vu Partikelen, Faseren a Gëfter um ganze Site? Wa jo, wéi hunn des iwwert d'Joren evoluéiert? Wann nee, firwat net?***

D'Ëmweltverwaltung bedreift eng Rei permanent Loftmiessreseauen. Verschidde Miessplazen aus dësen Netzer befanne sech och ronderëm d'Aktivitéitszon "Gadderscheier".

Am sougenannten Bergerhoff-Reseau gëtt den Stëbsnidderschlag an déi doranner enthalen Metaller analyséiert. Dëse Miessreseau gëtt zu Lëtzebuerg zënter 1973 bedriwwen, virun allem fir d'Aktivitéite vun der Stolindustrie z'iwwerwaachen. Miessplaze ronderëm d'Aktivitéitszon "Gadderscheier" sinn zu Déifferdeng an zu Suessem. Generell huet den Stëbsnidderschlag iwwert déi lescht Joerzéngte staark ofgeholl. Punktuell ginn awer nach zu Déifferdeng erhéichten Metall-Konzentratiounen vu Chrom an Zénk am Stëbs gemooss. Dëst am direkten Ëmfeld vun den nach lafende Stolindustrie-Aktivitéiten.

Op dëser Plaz steet och e Gerät aus dem Feinstaubmiessreseau. Hei ginn d'Konzentratioune vun Feinstaub PM10 an déi doranner enthale Substanzen Arsen, Kadmium, Néckel, Bläi (Schwéiermetaller) an Benzo(a)pyren (e polyzykleschen aromateschen Kuelewaasserstoff) gemooss. D'Wäerter leien all däitlech ënnert den europäeschen Grenzwäerter.

Op där nämmlechter Plaz ass och eng Statioun aus dem Biomonitoring-Reseau. Hei gëtt ënnersicht, wéi eng Konzentratioune vun Schwéiermetaller a polyzykleschen aromatesche Kuelewaasserstoffer an dem Blatgeméiss ze fanne sinn. Hei goufen sporadesch erhéichte Wäerter beim Bläi an de polyzykleschen aromatesche Kuelewaaserstoffer (PAK) fonnt.

Déi genau Plazen vun deenen verschiddene Miessreseaue kann een op der Internetsäit geoportail.lu, Thema Emwelt, Couche Loftqualitéit, consultéieren. D'Resultater vun all de Miessungen sinn ze fannen op der Internetsäit emwelt.lu: https://environnement.public.lu/fr/loft/air/mesures/publications-periodiques.html.

Nieft dëse permanenten Miessungen huet d'Ëmweltverwaltung rezent nach eng speziell Miesskampagne an dëser Regioun duerchgefouert fir den Impakt op d'Loftqualitéit an de Wunnquartieren ze ermëttelen. Dobäi si folgend Parameteren ënnersicht ginn: Feinstaub, verschidde Metaller, Dioxinen, PCB, polyzyklesch aromatesch Kuelewaasserstoffer (PAK) an Gesamtschwiefel. Bis zu dësem Zäitpunkt hunn déi provisoresch Resultater keng alarmant Wäerter gewisen. No Ofschloss vun der Auswäertung gëtt den Bericht vun der Miesskampagne op der Internetsäit emwelt.lu an folgender Rubrik publizéiert:

https://environnement.public.lu/fr/loft/air/mesures/campagnes-speciales/campagnes-specifiques.html

***3. Ginn et Donnéeën iwwer d'Verknaschtung vum Grondwaasser a vum Buedem duerch Schwéiermetaller oder chemesch Substanzen, wéi z. B. Dioxin-Bestanddeeler, Néckel oder Ammoniak? Wa jo, wéi hunn des iwwert d'Joren evoluéiert? Wann nee, firwat net? Fir wéi schlëmm kann een déi Belaaschtungen aschätzen?***

Geologesch gesi leien d'Site "Crassier Differdange" an Aktivitéitszon "Gadderscheier" op den $lo_1$-, $lo_2$-Schichten. Dëst si leemeg a steenarteg Mergelen. Dës Schichte sinn laut verschidden geologeschen an hydrogeologeschen Etüden dicht an entspriechen dem gefuerderten Dichtheetskoeffizient dee vum *"Règlement grand-ducal modifié du 24 février 2003 concernant la mise en décharge des déchets"* gefuerdert gëtt.

Et ginn och Donnéeë vu Grondwaasseranalysen déi um Site Crassier Déifferdeng realiséiert gi sinn. Déi realiséiert Analysen, weisen Iwwerschreidunge vun de Schwellenwärter vun enger Rei vun den Parameter op, déi an der Annexe II, partie B vum *"Règlement grand-ducal du 12 décembre 2016 relatif à la protection des eaux souterraines contre la pollution et la détérioration"* opgelëscht sinn. Geféierlech an ongeféierlech Substanzen, déi am selwechte Reglement an der Annexe VI, Deel A an Deel B opgelëscht sinn, wéi Cadmium, Quecksëlwer, Cyanid, AOX, polyzyklesch aromatesch Kuelewaasserstoffer (PAK) konnten och nogewise ginn.

Op d'Tendenz vun de gemoossene Substanzen erop oder erof geet, ass net kloer ze soen, aus dem Grond, dat et sech bei den Iwwerschreidungen oft em punktuell Noweiser handelt oder déi gemoosse Konzentratiounen stabil sinn.

Wéi eng gemoosse Substanzen der Industriezon "Gadderschéier" kennen zougeschriwwe ginn, geet net aus den Miessungen eraus.

Nei Grondwaassermiessstellen si geplangt, fir d'Origine vun deenen verschiddene gemoossene Substanzen besser kënnen ze identifizéieren.

Et ass ze soen, dat déi gemoosse Substanze keen Afloss hunn op Drénkwaasserqualitéit, aus dem Grond, dat et keng Drénkwaasserfassung gëtt déi sech an onmëttelbarer Géigend vum Site "Gadderscheier" befënnt an dat déi Grondwaasserleeder déi fir d'Hierstellung vun Drénkwaasser genotzt ginn am Beräich vum genannten Site an enger Déift vun e puer honnerten Meter leien, an esou gutt geschützt sinn virun all méiglecher Kontaminatioun.

***4. Ginn des Saache systematesch kontrolléiert? Wa jo, firwat gi keng Resultater veröffentlecht? Wann nee, firwat net?***

De Verschmotzungsgrad vum Buedem gëtt aktuell net systematesch kontrolléiert.

Grondwaasser gëtt am Beräich vum Crassier vun Déifferdeng an regelméissegen Ofstänn systematesch analyséiert op Parameter déi gréisstendeels an der Annexe II, partie B, Annexe VI, partie A an B vum *"Règlement grand-ducal du 12 décembre 2016 relatif à la protection des eaux souterraines contre la pollution et la détérioration"* (RGD "mise en décharge") dra stinn.

D'Remblaien um Site "Gadderscheier" bestinn aus inertem Bauschutt (haaptsächlech excavéiertem Material). Dëse Bauschutt gëtt laut de Krittäre vum RGD "mise en décharge" opgefëllt. Si stelle keng Verknaschtungsgefor fir de Buedem duer.

Generell sief gesot, dass all virleiend ëmweltrelevant Informatioun kann ob Basis vum Ëmweltinformatiounsgesetz bei den zoustännegen Autoritéiten ugefrot ginn.

***5. Ass virgesinn, datt verschidden Deeler vum Site solle sanéiert ginn? Wa jo, wat fir eng a wéini soll dëst geschéien?***

Vu dass d'Aktivitéitszon "Gadderscheier" aus engem Remblai aus Inertoffall besteet (cf. Fro 4) gëtt et kee Grond do ze sanéieren.

Déi rechtlech Situatioun a Froen zur Sanéierung vu verschiddenen Deeler vum Site "Crassier Differdange" gouf schonn an den Äntwerten op d'parlementaresch Froen n° 1714 vum 14. Januar 2020 an n° 1718 vum 14. Januar 2020 vum honorablen Députéierten Gusty Graas, n° 1784 vum 20. Januar 2020 an n° 3702 vum 23. Februar 2021 vum honorablen Députéierten David Wagner duergeluecht.